Lisa S.

De Weimeschkiircher Kiirfecht huet mech ëmmer iirgendwéi ugezunn; en as anescht wéi déi aner, mat sénge Parzellen am Hank, ronderëm d'Kiirch a matzen ënnert de Leit; a mat sénge Griewer, uewen an der Mauer. Ech war well e Strapp nët méi do, mä virun e puer Wochen, et war e Samschdegnomëtteg, as mer passéiert, wat engem eigentlech seele geschitt. Ech krut eng Geschicht souzesoën op der Plaz „zervéiert". Sicht, herno, wann der se gelies hut, awer nët no Griewer an Nimm op deem Kiirfecht; ech hun s'e wéineg geännert, dir verstitt dat.

'T waren deen Nomëtteg nëmmen e puer Leit um Kiirfecht; e Mann huet e Maarbersteen ofgewäsch, eng Fra huet Penseë gesat, an en Aarbéchter huet d'Steng vun enger Trap mam Schlauch ofgesprëtzt.

Ech si laanscht all déi Mauergriewer spadséiert, aler an neier; d'Nimm vun e puer Ministren hun ech hei rëmbegéint a mer méng Gedanken iwwert deenen hir Zäit gemaach. Ech hu mech och gefrot, leien hei an der Mauer eigentlech nëmme „besser" Leit, déi sech leeschte konnten, sou ze leien, oder as dat Zoufall?

Och de Kiirfecht selwer huet al an nei Parzellen, mä an all Deel fannt der Griewer, déi vergiess schéngen. Nëmmen e puer einfach Brieder faassen d'Plaz, seguer dat klengste Kräiz feelt muenchmol. Oder 't sti wuel al stenge Monumenter do, mä se sti wënsch, d'Nimm si verwäsch, a Blumme planzt scho laang kee méi drop; héchstens de Wand oder d'Vullen, déi Som oder Kären heihinner verschleefen.

Méng Geschicht geet domat un, datt ech eng eeler Fra gesouch, wéi se zwee wielech Geraniestäck mat de Plastiksschosselen an en Dreckseemer gehäit huet. Mir doheem si frou mat Geranien, an ech duecht, mat deene Stäck wir dach nach eppes unzefänken! An d'Coupen, mäi Gott, 't as Plastik, mä bei deenen honnert Planzen, déi mer an der Saison op der Terrass, op der Gaardentrap an op de Gaardemaure stoën hun . . .

Déi hëlls de mat, wann s de gees, duecht ech mer, mä d'Frächen huet sech e puer Meter méi wäit op d'Bänk nieft engem Fudderhaische fir d'Vigel gesat, fir ze raschten. Ech hätt jo nët missen, mä ech hun se du awer gefrot, op se d'Dëppen an d'Stäck wiirklech nët méi bräicht; da géing ech se mathuelen.

„Jo sécher", sot d'Fra, „'t as gläich Allerhelgen, da bréngen ech eppes Aneschtes; ech maache mer lomat den Auto nët gäre knaschteg."

Ech hun d'Blummen an d'Telleren aus dem Dreckskuerf gefëscht an s'op de Wee gesat. D'Fra sot weider näischt méi, an ech hu mer se heemlech eng Grëtz ugekuckt. se war ëm déi siechzeg, e wéineg mockeleg, schick gekleet; jee, eng wéi dausend anerer och, mä dach iirgendwéi apaart. Oder war et nëmmen, wéinst hirem renge gëllene Brëll?

„Merci awer", sot ech, an och „'t as haut wiirklech ee vun de leschte waarmen Deeg, fir sech op eng Bänk ze setzen."

An du sot d'Fra eppes, wat mech verwonnert huet. „Kennt der mech?", frot se, a wéi ech nee gesot hun, 't déing mer leed, sot se „da's gutt, kommt sëtzt iech eng Minutt bei mech, 't as wiirklech gutt haut."

Ech mouch et. „Wësst der", sot se no engem Ablack, „ech verzielen iech gären eppes; ech wëll iirgendengem eng Geschicht verzielen; dir kennt mech jo nët, ech kennen iech nët, da fällt et engem méi liicht."

„Dir musst jo awer nët", hun ech gelaacht, mä 't huet se nët gestéiert. „Wësst der", sot se neess, „ech sin nët vun haut a gëschter, wann der wéisst, wien ech sin, da géift der iech vläicht wonneren, mä da géing ech iech jo och näischt verzielen. Ech komme well zanter dräi Joër op de Weimeschkiircher Kiirfecht, och wann ech eigentlech näischt hei ze sichen hun. Ech halen hei e Graf an der Rei; vun enger Persoun, déi ech nët kannt hun, déi mer seguer Leed gemaach huet, mä ouni et ze wëssen; se konnt jo nët derfir."

„Hut der Kanner?", frot se mech du, einfach sou. „Véier", sot ech, „se si well all grouss." „Ech hun nëmmen e Meedchen", sot si, „'t as och scho bestuet; 't huet e klenge Bouf, den Eedem as Affekot; grad wéi mäi Mann, ir e Riichter gouf. 'T as alles an der Rei, wéi ee seet, 't geet eis alleguurte gutt; 't as eis eigentlech ëmmer gutt gaangen."

„Dir kënnt gutt nolauschteren", sot se no enger Paus, „déi meescht Leit kënnen dat guer nët." Ech hun hir nët drop geäntwert.

„Mäi Mann as viru véier Joer gestuerwen", as se virugefuer, ganz einfach, ouni Emotiounen; sou, wéi wann se géing verzielen, wat jhust an der Zeidong stoung.

„'T as nët hien, deen hei läit. Ech hun hien zu Léck vebrenne gelooss. E sot mer eng Kéier, «wann ech stierwen, da wëll ech zu Weimeschkiirch begruewe gin; ouni Grafrieden, mä kuck, datt se mer d'Hindu-Lidd vum Rimsky-Korsakoff spillen.» Mäi Mann hat d'klassesch Musek gären, ech hun dat Stéck nët kannt, haut kennen ech et, 't as wiirklech schéin. Mä ech hun hien zu Léck verbrenne gelooss, an do hun se him de Largo vum Dvorak gespillt. Séng Äsche sin um Märeler Kiirfecht gestreet."

Ech wollt froen, firwat?, mä ech hun och lo näischt gesot.

„Firwat zu Weimeschkiirch?, hun ech mech deemools méi wéi eng Kéier gefrot. Ech hun hien seguer gefrot, well e war dach nët vun hei. A firwat huet e mat aachtafoffzeg schon un säin Dout geduecht?"

„'T war nët de schéine Kiirfecht", as se virugefuer, „hie sot dat wuel, mä ech hun et nët gegleeft. Mir waren aachtanzwanzeg Joër matenee bestued, mä iirgendwéi war e mer ëmmer friem. Gewass, 't war e gudden Affekot, a muenchem e gudde Riichter; e gudde Papp, mä hannert séng Stir huet keen ëm gesinn."

„Da's bei villen sou", sot ech, fir eppes ze son. Se goung nët drop an.

„Ech hun hie verbrenne gelooss, ech hu virun zéng, zwielef Joër eent vu sénge Bicher am Grapp gehat; e Buch mat Gedichter a vir mat enger Dédicace; Lisa S.

Ech wousst laang nët, wien dat sollt sin, mä haut weess ech et. Zanter dräi Joer weess ech et. Dohannen, bei deenen zwou jonke Biirken, as d'Graf. Ech kann iech nët alles verzielen, mä ech wousst laang virdrun vun enger éischter Léift vu méngem Mann, iwwert déi en herno ni geschwat huet. A ménger Famill as vun Ufank un muenches gemierwelt gin, mä ech wollt näischt héieren. Wéi ech deen Numm awer bis gelies hat, huet e mer keng Rou méi gelooss. Wie war dat Meedchen, wat as aus ëm gin, firwat as et mir ni iwwert de Wee gelaf? Oder war eppes un deem Getuschels a ménger Famill? Mäin Eedem huet mer gehollef; ouni datt dee genee wousst, ëm wat et géing. Ee vun der Gemeng huet him et rausfond. Lisa S., e Meedche vu Weimeschkiirch; sech selwer ëmbruecht, well et e Kand erwaart huet."

D'Fra mouch lo eng laang Paus. D'Schieder vun de Beem – 't si keng Platanen, ech weess nët watfir Beem dat sin – si scho schréi iwwert d'Griewer gefall.

„Ech hun als Groussmamm réischt kapéiert, datt dat Meedchen do, e Liewe laang tëschent mir a méngem Mann stoung. Eise Mariage war eng Ligen. Ech hun näischt gesot, mä ech konnt méngem Mann all déi leschte Joren lo nët verzeien."

„An dofir hut der e verbrenne gelooss", as et mer e wéineg ze riicht raus entfuer. Mä 't schéngt, si hat déi Fro erwaart.

„Ech war wéi virun de Kapp geschlon a verbattert; wéi bedrunn, geldiirt. Mä haut? Hie war jo e gudde Mann, en huet deemols sécher no sénger Carrière misse kucken, wat wësse mir schon! As e wiirklech schold un deem Ongléck gewiescht? Dat weess jo och keen ze son. An d'Meedchen? Jiddefalls, 't as kee Mënsch do, deen sech ëm säi Graf këmmert. Dofir man ech et. 't wousst jo näischt vu mir, wat soll ech him dann nodron?"

D'Fra mam feine gëllene Brëll huet sech du gehuewen. „Dir kennt mech jo wiirklech nët?", frot se nach eng Kéier an huet geschmonzelt.

Hei as méng Geschicht zuenn, mä deen aneren Dag, 't war an der Houmassenzäit, war ech nach eng Kéier um Kiirfecht an hun dat Graf gesicht.

'T as e klengt Graf; e klenge Kräizerféx an en Numm op engem metallene Schëld: Elisabeth Sauerwein, 1935-1957; soss näischt.

josy braun